PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Sport, Famill an Integratioun & Ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden.

De 25te September gouf de neie Futtball- a Rugbystadion zu Lëtzebuerg ageweit. Zanterdeem ass de Stadion och scho fir verschidden Eventer benotzt ginn, sou och beim leschte Lännermatch vun der lëtzebuergescher Futtballnationalekipp géint Irland. Wéi mer awer vun e puer betraffene Persoune matgedeelt gouf, wieren zur Zäit wéineg Parkplaze fir Persoune mat kierperleche Beanträchtegungen um Site disponibel. Wéi een an der Beschreiwung vum Stadion (Editeur: Ville de Luxembourg, September 2021) noliese kann, wieren um oppene Parking insgesamt 228 Parkplazen, wouvunner ganzer 6 Stéck (2,6%) fir Persoune mat enger Beanträchtegung reservéiert sinn. De Sportsministère huet de Bau vum Stadion mat 40 Milliounen Euro matfinanzéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass virgesinn, dass an Zukunft méi PMR-Parkplaze virum Stadion wäerten zur Verfügung stoen, wëssend, dass am Parkhaus eng 50 PMR-Sëtzplaze virgesi sinn?
2. Wéi vill Platze ware beim leschte Lännermatch tëschent Lëtzebuerg an Irland fir VIPen reservéiert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député